**Redaktiounsschluss 28. Juni 2024**

**Kontakt**

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ☒ 28, rue de la Montagne  
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 📧 ferasmy@pt.lu

**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 📧 carlo.morbach@cathol.lu

**Luc Schreiner**, Paschtouer, ☒ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052

**Anise Metz**, Parassistentin, ☎ 720149 📧 aimetz@pt.lu

**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 📧 josiane.mirkes@education.lu

**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,  
☎ 26720376, 📧 luc.zimmer@cathol.lu

**Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000**  
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

**Parbüro Iechternach**

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149, 📧 iechternach@cathol.lu

**De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer**  
oder op Rendez-vous  
iwwe Telephon si mir ereechbar.

**Büro Parzenter Lënster**

15, rue du Village L-6140 Junglinster, ☎ 780043

**Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer**  
(de Büro ass zou an de Schoulvakanzen)

**Konto Massintentiounen:**

**BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000**  
Kierchefong C.T./Reg Iechternach

*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*

**Um Internet:**

eist **Parliwen** fannt Dir op: [cathol.lu/iechternach](https://cathol.lu/iechternach)  
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: [basilika.lu](https://basilika.lu)  
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: [lensterkierch.lu](https://lensterkierch.lu)

# Springprozession 2024

## Gemeng Lënster

Lënster spréngt bei der Nummer 25 "Pilger aus der Gemeng Lënster", d'Musiker vu Lënster, aus der Buerg a vun Hueschtert begleeten eis. Och dëst Joer ass kee spezielle Pilgerbus virgesinn.

## Erinnerungstücher

Auch in diesem Jahr können Erinnerungstücher zum Preis von 4€ gekauft werden. Gruppen die eine grössere Anzahl Tücher bestellen möchten, können diese per Mail bestellen: willibrord@cathol.lu. Sie erhalten dann die Tücher zum Vorzugspreis von 3,00 €. Die Tücher können im Pfarrbüro, 12, porte St Willibrord, Echternach abgeholt werden, oder stehen am Tag der Spring-prozession zum Abholen im Abteihof bereit.



## Pilgermenü

Im Refektorium der früheren Abtei (1. Stock) wird ein Pilgermenü ab 11.45 Uhr angeboten. Da dies nur bei Selbstbedienung geschehen kann, wird es nicht möglich sein, Plätze für Gruppen zu reservieren. Des weiteren werden ab 10.00 Uhr in der Cafeteria des Internats kalte und warme Getränke sowie Snacks angeboten (Zugang im unteren Abteihof, zwischen den beiden Treppenaufgängen).

## Verkaufsstand im Info-Zenter

Am Tag der Springprozession ist der Verkaufsstand im Info-Zentrum über die Springprozession ab 9.00 Uhr geöffnet. Hier können Sie die BD über das Leben des Hl Willibrord kaufen, sowie Kerzen, Kreuze, Medaillen, Rosenkränze u.v.a....



# Mëllerdall Days

Den Natur- & Geopark Mëllerdall organiséiert dëst Joer vum 19. – 26. Mee d'Mëllerdall Days (fréier ënnert Woch vum Natur- & Geopark bekannt). Während dëser Woch, déi am Kader vun der Europäescher Woch vun den UNESCO Global Geoparks stattfënnt, feiert d'Regioun hire besonnesche geologeschen, natierlechen, kulturellen an immaterielle Patrimoine. Als designéierten UNESCO Global Geopark ginn Aktivitéite fir Awunner an Touristen ugebueden, fir d'Regioun ze erliewen oder nei z'entdecken.

Ugebuede gi Familjenrallyen, 2 Filmer am Ciné Sura, guidéiert Wanderungen, ee Vëlostour duerch d'Regioun an ee Picknick-Brunch mat regionale Produkten op der Buerg an der Fiels.

**2 Filmer iwwert d'Sprangpressioun ginn Päischtméinden, den 20. Mee am Ciné Sura gewiesen:** ëm 16.00 Auer Magno Tripudio, an ëm 16.30 Die Echternacher Springprozession aus dem Jahr 2019.

*Entrée: gratis*

**Mëllerdall Days 19.-26.05.**

- **Familjenralleye / rallye familial / family rally**
  - > 19.05. Natura 2000 Tag, ♡ Echternach
  - > 25.05. Wanterbaach-Swingschiess, ♡ Berdorf
  - gratis / gratuit / free
- **Filme am Ciné Sura / films ♡ Ciné Sura**
  - > 20.05. Springprozession
  - > 23.05. Aigues vertes
  - gratis / gratuit / free
- **Fahrtour in der Region / Tour en vélo dans la région / bike tour in the region**
  - > 20.05. gratis / gratuit / free
- **Geführte Wanderungen / Randonnées guidées**
  - Guided hikes
  - > 25.05. gratis / gratuit / free
- **Picknick mit regionalen Produkten / Pique-nique avec des produits régionaux / Picnic with regional products**
  - > 26.05. ♡ Larochette Castle
- **Regionales Menü in Partnerrestaurants / Menu régional dans les restaurants partenaires / Regional menu in partner restaurants**

Méi Info unter Plus d'infos sur l'événement

[www.naturpark-mellerdall.lu](http://www.naturpark-mellerdall.lu) @naturparkmellerdall

## Week-end vun den oppene Kierchen 1. an 2. Juni 2024 Bollendorf-Bréck



Eng jonk lëtzebuurger Kënschtlerin vu 15 Joer, d'Anelie Rollinger, stellt hier gemoolte Biller an der Kierch zu Bollendorf-Bréck aus.

Kommt kuken an loosst Iech iwwerraschen, mat wéivill Gefill, Asaz a Freed hatt dat mécht. Déi liischtend Faarwen a floral Motiver wäerten och Iech begeeschten.

**Samschdes a Sonndes vun 9.30 - 18.00 Auer**

Organisatioun: Oeuvres St Jean, Berdorf



### An der Kierch zu Jonglënster

rue de Bourglinster:

*Sag es durch die Blume!*

**Samsdeg, den 1. Juni 2024**

**10:00 - 11:30**

**interaktiv Visitt fir Kanner mat Workshop**

vu 6 bis 10 Joer

Umeldung bis de 24.5. [luc.zimmer@cathol.lu](mailto:luc.zimmer@cathol.lu)

No der interaktiver Visitt kënnen d'Kanner am Parsall selwer mat Läinueleg a Pigmenter Faarwen hierstellen a Blumme molen.

**Sonndeg, den 2. Juni 2024**

**um 15 Auer**

**Visite guidée fir Erwuessener**

ouni Umeldung

De ganze barocke Kiercheraum schwätzt quasi durch d'Blumm. Mee, versti mir haut nach, wat se soe wëllen?

mam Polina Constantinova

Si ass Kunschthistorikerin a Grondschoulléierin a schafft am Museum am Dom zu Tréier.



**D'Kierch Saint-Martin vu Jonglënster ass all Dag op vun 10 bis 18 Auer.**

**57 oppe Kierchen, Visitt guidéeën, Konferenzen, Concerten, Ausstellungen**

EWB | ErwuesseBildung

LE COLLEGE SAINT-PIERRE DU GRAND-DU-CHÊNE DE FUSIERBOURG  
Muséum d'la Culture

ESQUE CATHOLIQUE  
À L'UNIVERSITÉ

oppe Kierchen

www.oppekierchen.lu

Coordination

avec le soutien financier du Ministère de la Culture

avec le soutien du Service Communication et Presse de l'Archévêché

# Liestipp...

## Hubertus Halfas Tischgemeinschaft

### Die Mahlzeit Jesu und was daraus geworden ist,

Patmos Verlag, Ostfildern 2022, 215 Seiten, 20,- €



Wann dir des Zeile liest, dann ass d'Zäit vun eisen Éischtkommuniounsfeieren fir dëst Joer schonn erëm eriwwer. Awer, wat bleift, ass eist kierchlecht Liewe mat senger dach ganz eegenaarter Frëmmegkeet virum Tabernakel. Nach ëmmer hale mir Sakramentspreessiounen, feieren Härkläichendag, maache mir Bietdeeg a knéien eis virun enger Monstranz mat enger „konsekrierter“ Hostie. Wat huet dat eigentlech mat dem Jesus a mat senger Botschaft ze dinn? Et ass eng grouss Fro, déi mech scho mäi ganzt Liewen trakasséiert. Wat wollt de Jesus wierklech?

Dem Hubertus Halfas säi Buch besteet aus zwee Deeler. Am éischten Deel (S. 11-125) presentéiert hie véierzéng Geschichten, wou Mënschen sech zesummefanne beim lessen. D'Geschichte fänken u mat dem

Abraham iwwer Ovid a Camus bis hin zu moderne literareschen Erzielungen. All Kéiers ginn d'Texter presentéiert a kommentéiert. Et dréint sech ëmmer nees ëm Gaaschtfreundschaft an Ophuele vu Mënschen, déi um Wee sinn oder eben och net. Gaaschtfreundschaft stëft Fridden, stëft Gemeinschaft. D'Ofleennung vun der Gaaschtfreundschaft awer bréngt de Géigendeel. Et ass vläicht eng ganz wichteg Erkenntnis fir eis Zäit? „Wer in Zukunft noch Kommunion- oder Konfirmandenunterricht erteilt, sollte die hier erzählten Geschichten weitergeben.“ (S. 9) Et ass sécherlech och méiglech aner Geschichten ze gebrauchen. Awer wouer ass, dass mir, wa mir op d'Éischt Kommunioun virbereeden, net nëmme fromm schwätzen an doriwwer alles u Mënschlechteit, Gaaschtfreundschaft, Gemeinschaft an Hëllef vergiessen. Ass et net esou, dass mir an eiser Kierch vill schwätzen, beim Handeln awer dacks daitlech versoeren?

Am zweeten Deel vum Buch (S. 127-205) kuckt den Auteur da méi genee op des Dëschgemeinschaft vum Jesus. Den Halfas ass sécherlech ee kriteschen Denker an Theolog an awer muss ee mat him d'Fro wierklech stellen: Huet dat sougenannt „Letzte Abendmahl“ echt esou stattfonnt, wéi et den Apostel Paulus an déi synoptesch Evangelie berichten? (S. 133-135) Déi éischt Chrëschten hunn sech warscheinlech genee, wéi de Jesus et zu senger Liefzäite gemaach huet, zu einfachen gemeinschaftlechen lesse versammelt. Des Praxis goung dem Kult ëm Christus viraus. (S. 139) Mir schwätze bis haut, dass um Gréngen Donneschdeg Christus d'Eucharistiefier an d'Priistertum agesat hätt. Dat sinn awer theologesch Fiktiounen, déi sech net op deen echte Jesus zeréckféiere loossen. De Jesus huet ëmmer nees mat ville Mënsche vun alle



Schichten a Gruppen zesumme giess an esou Gemeinschaft gefleegt. Dat sougenannt „Lescht Abendmahl“ war wuel kaum eppes aneres. (S. 143ff.) Interessant ass, dass am Johannesevangelium keen Asetzungsbericht ass. Et gëtt een lessen. Awer do steet als wichtegst Erzielung d'Wäsche vun de Féiss duerch de Jesus. „Wenn hier an die Stelle der Mahlgemeinschaft die ‚Fusswaschung‘ tritt, könnte darin auf den eigentlichen Sinn der Mahlgemeinschaft verwiesen sein: dass alle Eucharistiegemeinschaft nichts nützt, wenn sie sich nicht in gegenseitigem Dienst und gegenseitiger Liebe bewährt.“ (S. 150) Problematesch ass dann och d'Verknéppung vum lesse mat dem Dout vum Jesus. D'Deutung vun der Eucharistie als een Affer bewierkt, dass et eng nei Beliewung vun der Priister-Roll huet misse ginn, déi dann eng Klerikaliséierung vun der Kierch no sech gezunn huet. Dat allefalls ass eppes, wat no allem Wëssen den historesche Jesus absolutt ofgeleent huet. (Vgl. S. 154ff.) „Wer von gottgewollten Sühnopfern spricht, spricht zugleich von einem Gottesbild, das die prophetische Tradition Israels bereits überwunden hatte.“ (S. 160) Do hannen dru verfält och den aktuellen „Katechismus der katholischen Kirche“. An deene leschte Säite vum Buch geet den Halbfas staark an d'Gericht mat eisem bis haut gültege Verständnis vun der Eucharistiefier. Munches, wat sech am Laf vun eiser Geschicht do entwéckelt huet, ass méi wéi abstrus. D'Kritik vum Halbfas ass sécherlech haart. Et kann ee Munches och méi differenzéiert gesinn. Awer et misst haut an eise Kierchen villméi iwuer des ganz Problematik nopeduecht ginn. Dëst Buch luet dozou an

## Manfred Lütz Der Sinn des Lebens.

Mit einem Geleitwort von Elke Heidenreich

Kösel Verlag München 2024, 368 Seiten, 30,00 €



Wat ass de Sënn vun eisem mënschleche Liewen an dëser Welt? Déi Fro huet sech d'Mënschheet schonn zënter Joerdausende gestalt. Vill Denker, op Philosophen, Theologen, oder aner Wëssenschaftler hu versicht eng Äntwert ze fannen. De Manfred Lütz ass studéierte Medezinner, Theolog a Philosoph. Hien ass „Facharzt“ fir Psychiatrie a Psychotherapie. Bekannt ass hien duerch seng vill Bicher a Virträg.

An dësem neiste Buch stellt hien déi al Fro nom Sënn vum Liewen nei a versicht eng dach onkonventionell Äntwert ze ginn. Mir gesi jo haut, wéi déi grouss Konzepter vun de chrëschtliche Kierchen sech lues a lues op ze léise schéngen. Villes, wat Mënsche fréier een Halt, jo och ee Sënn, ginn huet, gëtt net méi gesinn a beréiert net méi. Eis Welt ass zimmlech komplex ginn a Mënsche verstinn sech net méi esou richtig. Eis Sprooch polariséiert, seet de Lütz.[1] Dofir war et him een Uleies mat Hëllef vu Konschtwierker der

Fro nom Sënn vum Liewen nozegoen. „Ich würde die These wagen, dass ein Rechts- und ein Linksradikaler, die sich die Pietà von Michelangelo in Rom wirklich intensiv mehrere Stunden lang anschauen, anschließend ein bisschen netter, menschlicher, miteinander umgehen werden.“[2]

Wann een dem Auteur säi Buch duerchliest an déi eenzel Statioune selwer ganz gemitterlech kuckt a meditéiert, da kritt ee schonn ee ganz groussen Abléck an d'Geschicht an an d'Denke vum Mënsch. Et ass quasi wéi ee „Reiseführer“ duerch d'Konschtwelt vu Roum an awer och ee Buch dat doriwwer eraus féiert. Vill Froe stellen sech beim Betruechte vun deene schéine Konschtwierker aus verschidde Zäiten. Si soe Villes aus doriwwer, wat Mënschen sech iwwer hiert Liewen, iwwer Gott an hire Glawe geduecht hunn.

Haut, sou seet et de Manfred Lütz, gi mir vu ville Säite mat Angeboter iwwerrullt, déi eis eis Zäit verdreiwen an doutschloe loossen. Mir Mënsche konsuméieren iwwer wäit Strécke just nach. De Mënsch „konsumiert und amüsiert sich zu Tode.“[3] Deem stellt

de Lütz elo mat senger Aluedung, fir déi Konschtwierker an der Staat Roum nei ze kucken, seng „Meditatioune“ entgéint. Konscht ass eppes, dat eis aluet mat dem Du vum Kënschtler a Bezéiung ze trieden a sech vun him begeeschteren ze loossen.[4]

Am Buch gëtt vill vum Glawe geschwat. Et kann de Lieser ureegen erëm selwer iwwer säi ganz perséinleche Glawen nozedenken an sech eventuell och erëm nei ze orientéieren. Ech si begeeschtert vun dësem schéine Buch, dat niewent deene villen Informatiounen a Gedanken och ganz wäertvoll Biller vun deenen eenzelnen Konschtwierker presentéiert. An der Konscht kann eis „Éiweges“ begéinen. „Ob wir diesem Gefühl von Ewigkeit, das uns im Kunsterlebnis ergreifen kann, Wirklichkeit zu trauen. Diese Frage zu beantworten hat jeder Mensch ein Leben lang Zeit. Nicht länger.“[5]

[1] Interview Manfred Lütz, in: Trierischer Volksfreund vom 30.3.2024, Seite 24.

[2] Ebd.

[3] Ebd.

[4] Vgl. ebd.

[5] Manfred Lütz, Der Sinn des Lebens, s. 357.

*Carlo Morbach*



# Härläichendag 2024

Härläichendag ass e besonnescht Fest vun eisem Glawen. Mir hunn op dräi Plazen eng Prässessioun.

- **Samschdes, den 1. Juni zu Bur**
- **Sonndes, den 2. Juni zu Eechternoach**
- **Sonndes, den 2. Juni zu Rouspert**

Mir invitéieren Iech ganz häerzlech fir mat eis ze feiern, d'Haiser ze rëschten an d'Fändelen erauszehänken.

## Bur

**Samschdes, den 1. Juni** feieren mir d'Mass um 19 Auer an der Kierch zu Buer, duerno geet d'Prässessioun duerch d'Schlass- an Duerfstrooss laanscht déi verschidde Kapellen aus dem Duerf erëm an d'Kierch zréck, wou de Schlussege gespent gëtt.

### Opstellung

Massendinger mam Kräiz, Musik, Kanner a Kommiounskanner, Massendinger, Allerhellegst, Autoritéiten, Gesangveräin, d'Leit all

**D'Kommiounskanner** aus der Gemeng huelen, wéi et Brauch ass, an hirem festleche Kommiounsgezei un der Mass an un der Prässessioun deel. D'Kommiounsmeedercher vun dësem, allerdéngs och déi aus deenen zwee leschte Coronajoeren sinn invitéiert an hirem festlechen Gezai Blummen ze streeën. Si treffen sech um 18.30 Auer.

**Blummebléie** gi gebraucht fir d'Strekanner: Vu Freides u steet e Kuerf an der Kierch fir d'Bléien aus Gaard a Flouer ofzeginn.



# Eechternoach

**Sonndes, den 2. Juni** feiere mir um 9.00 Auer d'Mass an der Basilika. Duerno geet d'Prëssessioun dee selwechte Wee, wéi déi läscht Joeren. De sakramentale Segen ass bei den Altär vum Dechenshaus (rue de la Montagne), um Moart (Place du Marché), bei der aler Jugendherberg (rue André Duchscher) an an der Basilika, wou den Ofschloss ass.

## Opstellung

Massendénger mam Kräiz, Harmonie municipale, d'portugiesesch Kommunitéit, d'Statu vun der Tréischterin, d'Schoul-an d'Kommuniounskanner, Massendénger, dat Allerhellegst, Basilika-Chouer an d'Leit alleguer.

**D'Kommuniounskanner** vun de Gemengen Bech, Befort, Berdorf, Consdorf, Gonnereng, Hemstal, Iechternach a Lënster sinn invitéiert matzefeieren. Si kommen mat hirer Famill an hire Frënn an d'Mass a ginn duerno mat an der Prëssessioun.

# Rouspert

Mir feieren d'Mass **Sonndes, den 2. Juni** em 9.30 Auer an der Kierch, duerno geet d'Prëssessioun den Tudorsbeerg erof bis bei de Kiosk, da laanscht de Kierfecht zréck bis an virun d'Kierch, wou et dëst Joer um Irminebuer de Schlusseggen gött.

## Opstellung

Massendinger mam Kräiz – Pompjeen – Muttergottesfändel – Meedercher an Dammen – Musik – Männergesangveräin – de Kannerfändel – Kanner a Kommiounskanner – Massendinger – Allerhellegst – Autoritéiten – Männer – de Mëchelsfändel

## Kanner

Well mir dëst Joer keng Kommiounskanner aus dem Duerf hunn, wier et flott, wann aner Kanner Blumme streeë kéinten.

**Blummebléie** gi gebraucht fir d'Streekanner: Vu Freides u steet e Kuerf an der Kierch fir d'Bléien aus Gaard a Flouer ofzeginn.





## D'Fondatioun Ste Irmine stellt sech vir



Déi éischt Missioun vun der Kierch ass et, d'Evangelium ze verkënnegen, aus him eraus ze liewen an an der Welt ze wirken – mat eiser Pastoral, an eiser Liturgie, duerch eis Diakonie. Dofir brauch et nieft dem groussen benevolen Asaz vu ganz ville Leit an eiser Äerzdiözees, Fraen a Männer, déi sech ganz an den Déngscht vun dëser Aufgab stellen.

Fir dës engagéiert Fraen a Männer an hirer wichteger Missioun zënnerstëtzen, huet d'Fondatioun Sainte-Irmine 2014 den Zukunftsfong vun der Kierch, de Fonds d'avenir, gegrënnt. Zil vun dësem Fong ass et, zur materieller Ofsécherung vun den Hauptamtlechen, Geeschtlech a Laien, bäizedroen. Zanter dem Akraafttriede vun den neie Relatiounen tëscht Staat a Kierch 2016 huet de Bistum ronn 40 Leit, virun allem Priister, op seng eege Käschten agestallt.

Nodeems an de leschte Jore mat Hëllef vu ganz generéisen Donatricen an Donateuren e Basiskapital vu méi wéi 3 Milliounen Euro opgebaut konnt ginn, iwwerhëlt d'Stëftung vun 2024 un via d'Recettë vun de Placementer éischt Paie vu jonke Priister a Laien am kierchlechen Déngscht. Och wann de Fonds d'avenir elo aktiv gëtt, bleift d'Initialkapital konservéiert; all Don ass deemno e konkreten Investissement an d'Zukunft vun eiser Kierch. De Kont vum Fonds d'avenir: CCPLLULL LU79 1111 7038 7846 0000.

D'Zil vum Verwaltungsrot ass et parallel, d'Kapital vum Fonds d'avenir an den nächste Jore weider opzebauen. Esou soll op laang Siicht d'Pastoral vun der Kierch verstärkt matfinanzéiert kënnen ginn.

Ënnerstëtzt dofir och Dir den Zukunftsfong vun der Kierch mat engem Don, engem Ordre permanent, enger Donatioun, bei engem Familljenevenement oder duerch eng testamentaresch Dispositioun an hëlleft esou, d'ASTellung vu Geeschtlechen an haaptamtleche Laien matzedroen. Méi Informatiounen fannt Dir op [irmine.lu](http://irmine.lu).

D'Kierch vu muer brauch eis all! Mat engem häerzleche Merci am Virus fir all Geste,

*D'Ekipp vun der Fondatioun*

Dir hutt heizou Froen? Mir si fir lech do: Tel. 462023 – [info@irmine.lu](mailto:info@irmine.lu)

## Un scan, un don



- ✓ Scannez ce QR code Payconiq
- ✓ Entrez le montant de votre don
- ✓ Validez votre don avec votre Face ID, votre empreinte digitale ou votre code PIN



 payconiq





## 550 Joer Helzer Klaus

D'Helzer Klaus, eng „Schwëster“ vun eiser Giischerklaus feiert dëst Joer hier 550 Joer. De 17. Juli 1474 hat de Pöpst Sixtus IV. eng eege Bull wéint der Wallfahrt zur «Beata Maria ad fontem felicem» op Helzen, deemols Alcivilla, haut franséisch Hachiville) geschéckt.

Niewt verschiddene Festivitéiten ass déi grouss Feier op hierem „Klauserdag“, Sonndes de 7. Juli. Um 9:30 Auer geet d'Pressioun vun der Kierch zu Helzen

(Hachiville) bei d'Klaus an de Bësch, wou géint 10:15 Auer eisen H. Kardinol Jean-Claude Hollerich d'Jubiläumsmass feiert. Duerno Usprochen an Éierwäin offréiert vun der Gemeng Wëntger. Informatiounen fir e Mettegiessen „Buffet terre et mer“ sur place an Umeldung dofir op [cathol.lu/wentger](http://cathol.lu/wentger) oder am Aushang op der Giischerklaus.

Häerzlech Invitatioun mat eis Schwëster-Klaus ze feieren. Dowéinter sinn deen Dag weder Mass nach Andacht op eiser Giischerklaus. Fir en Transport an d'Eisléck mellt Iech w e gl bei mir.

*Luc Schreiner*



# Firmung 2024

**Freides, de 5. Juli um 18.30 Auer** ginn an der Basilika 35 Jonker vum Kardinol Jean-Claude Hollerich während der Mass gefirmt.



**Vergiesse mer net, eis jonk Frënn am Gebiet  
an an eise Gedanken ze begleeden!**



Komm, Heilger Geist, der Leben schafft,  
erfülle uns mit deiner Kraft.

Dein Schöpferwort rief uns zum Sein:  
Nun hauch uns Gottes Odem ein.

Komm, Tröster, der die Herzen lenkt,  
du Beistand, den der Vater schenkt;  
aus dir strömt Leben, Licht und Glut,  
du gibst uns Schwachen Kraft und Mut.

Dich sendet Gottes Allmacht aus  
im Feuer und in Sturmes Braus;  
du öffnest uns den stummen Mund  
und machst der Welt die Wahrheit kund.

Entflamme Sinne und Gemüt,  
dass Liebe unser Herz durchglüht  
und unser schwaches Fleisch und Blut  
in deiner Kraft das Gute tut.



Jahresmitte. Sommerzeit.  
Zeit zum Innehalten.  
Blick zurück. Fragen.  
Im Alltag Verdrängtes, im Stress  
Zu-kurz-Gekommenes  
meldet sich lautstark zu Wort.

Jahresmitte. Sommerzeit.  
Zeit zum Innehalten.  
Blick nach vorn. Suchen.  
Verschüttete Wünsche und Sehnsüchte:  
Da gab es doch etwas,  
aus dem ich leben konnte,  
das mich getragen hat?

Jahresmitte. Sommerzeit.  
Zeit zum Innehalten.  
Zeit Johannes des Täuflers.  
Zeit zur Orientierung.

Eine mittelalterliche Portallfigur,  
Johannes der Täufer,  
zu seinen Füßen: Zacharias und Elisabet.  
Jeder große Mensch hat Eltern,  
die ihn tragen.  
In der Hand des Johannes – das Lamm.

„Ich bin eine Stimme eines  
Predigers in der Wüste:  
Ebnet den Weg des Herrn.“  
Wegweiser:

Blick zurück: die Taufe.  
Quelle, aus der ich leben kann.  
Vergebung für neuen Anfang.

Blick ins Jetzt: Gottes Wort.  
Begleitung für jeden Tag.  
Zuspruch, der mich atmen lässt.

Blick für die Zukunft: Lamm Gottes,  
das der Welt Sünden trägt (Joh 1,29).  
Denn Gott ist gnädig.  
Johannes' Name – sein Programm.  
Wegweisung.

Foto: Peter Kane

Cercle Symphonique de Rumelange  
Sidney Scho

# Der Geiger von Echternach

Lou Koster

28.06.2024 / 20h00  
Basilique St Willibrord  
Echternach

tickets via  
[luxembourg-ticket.lu](https://luxembourg-ticket.lu)  
et caisse du soir  
(ouvertures des portes 19h00)



Avec  
Noemie Sunnen  
Olivier Nilles  
Yann Windeshausen  
Uni.lu choir  
Thomas Gareau

L'artiste Jacques Schneider  
exposera des œuvres d'art à cette occasion.

Image: Jacques Schneider





## UergelPunkt 12

Basilika - Freitags 12h00-12h30

31.05.	Jos Majerus
07.06.	Stefan Mahr
21.06.	Jehanne Strepenné & Rosch Mirkes
05.07.	Julien Landers
12.07.	Jörg Schreiner

*Quête à la Sortie*

## 9. Echternacher Orgelsommer

Basilika St. Willibrord

Freitags 20.00 Uhr

**09. August - Stefanie Duprel**

**16. August - Ann Majerus (Gei) a Jos Majerus (Uergel)**

**23. August - Jörg Schreiner**

*Entrée: 15 € / 10 € réduit < 27 ans / gratuit < 13 ans*



# Dëst & dat...

## Publications de Mariage

Publicationes matrimoniales (c. 1067) Paroisse Région Echternach St Willibrord

Meyers Joé et Jennifer Schram

Date et lieu du mariage religieux : 17/08/2024 à Bech-Kleinmacher

## Communauté portugaise

Durant le mois de **mai** prière du chapelet,  
tous les jours à 20.00 heures à la crypte de la Basilique.

## Concert Franz-Schubert-Chor Hamburg

Freideg 24. Mee | 20.00 Auer | Basilika

A Capella Musik

Rheinberger - Mozart - Britten - Pärt - Mäntyjärvi

Direktioun: Christiane Hrasky



## Klibberen 2024

Konsdref - Kolwent - Präitler



Villmools MERCI fir  
all Ënnerstëtzung  
an Är vill léif Gesten!



massendengerconsdorf@pt.lu

## D'Klibberjugend aus der Bueg

huet 379 € fir 250 Joer Lënster Kierch  
gesammelt.

En hærzleche Merci!





## OEUVRES ST BARTHÉLEMY CONSDORF a.s.b.l

ënnerstëtzt

### SCHOULSAK-AKTIOUN

vum 01. – 20. 07.2024

vun

#### **KANNER- A FAMILIJENHËLEF a.s.b.l.**

RCS: F10515

Siège social:

7, rue de Kehlen L-8394 Olm / Tel. : 661 309 320

CCPLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000



Aarm Kanner a Rumänien an an der Ukrain brauche fir de Schoulufank

#### **1 Schoul- oder Rucksak mat Schoulmaterial:**

2 Hefter	Schachtel mat 4 Bläistëfter	2 Bicken
Spëtzer	Radéiergummi	nei Stëfter an Holzfaarwen
Molbuch	Notizblock	Lineal (30 cm)
Bastelschéier	Mutz	Schal
Händschen	waarm Strëmp	Zännbiischt an Zännseef
Tut Kamellen	Kuscheldéier	kleng Spillsaach

Dir kënt all Aarte vu Schoulmaterial op de Sammelplazen ofginn oder en Don maache fir e Schoulsak mat Schoulmaterial ze fëllen (50 €)

All Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken oder Schoulmaterial ze kafen ass wëllkomm.

Kanner- a Familijenhëllef a.s.b.l.: CCPLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000

Vermierk: Schoulsakaktioun 2024

Gesammelt ginn ausserdiem a guddem a propperem Zoustand:

Kannerspillsaachen	Kannervëloen	Kannerkleeder
waarm Decken	Babybetter mat Matrass a Gedecks	Kannerbuggyen
komplett Kannerkutschen		

Mir soen lech am Virus e ganz häerzleche Merci.

#### **Sammelplazen:**

Famill ORIGER	56, op der Hicht	L-6212 Konsdref	Tel.: (691) 79 08 09
Parbüro	12, Porte St Willibrord	L-6486 Iechternach	Tel.: 72 01 49

# Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet,

☎ 26720376, ✉ luc.zimmer@cathol.lu

Parbüro: ☎ 720 149 ✉ iechternach@cathol.lu



## Gottesdénsgchter fir Kanner

- zu **lechternach** an der Pierre-et-Paul-Kierch,  
Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Lënster** an der Kierch: Freides 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Rouspert** an der Kierch, Méindes (27.5.) 18.00 Auer Kannerdénsgcht
- zu **Bur** an der Kierch, Familljemass fir Härläichendag (1.6.) 19.00 Auer

*An de Schoulvakanzan si keng Kannerdénsgchter*

### Kannerdénsgcht fir den Ofschloss vun der Kateches

fir all d'Kanner aus der Por:

**Mëttwochs, den 10.07. um 18.30 Auer an der Basilika**

Nom Gottesdénsgcht iwwerechen d'Kommuniounskanner  
e Chèque u Konterbont

### D'Lënster Kierchemaisercher...

Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den  
**17.05. - 07.06. - 21.06.**



## Date mat Gott

Gebietsmoment fir Jugendlecher

*Den Date ass och eng Virbereedung op d'Firmung!*

Déi nächst Treffe sinn:

zu **Lënster** 18.00 Auer am Parzentrum: **11.06.**

zu **lechternach** 19.00 Auer an der Basilika: **04.06. - 18.06.**

**Prouwen fir d'Firmung an der Basilika: 25.06. an den 02.07.**

# Dat (Vir-) Lescht



Wieder einmal besucht der Schulrat die Grundschule. Heute will er sich vom Kenntnisstand der Schüler im Englischunterricht überzeugen. Zielsicher ruft er den schwächsten Schüler auf. „Wie heißt du denn?“ – „Jonas.“ – „Gut, Jonas, kannst du mir bitte das englische Wort für die Zahl Neun sagen?“ – „Nein!“ – „Sehr gut. Prima. Das klappt ja endlich.“

## TIM & LAURA [www. WAGHNBÜTNGER . de](http://www.WAGHNBÜTNGER.de)





**Paul KAYSER** Uergel

**David HOFFMANN** Vibraphon, Marimba, ...

Konsdrëffer Kierch

# UERGEL & PERKUSSION

Sonndeg

**7.07.2024**

**17:00 Auer**

Fräien Entrée  
Quête fir OMEGA 90 a.s.b.l.



Organisation:  
Oeuvres St Barthélemy Consdorf